déi Lénk

**Communiqué.**

Luxembourg, le 12 juin 2026

**Boycott bei Wolt weist:**

## Mir brauchen endlech e Gesetz fir d'Liwwerplateformen!

Am Nomëtteg gouf bekannt, dass bei der Liwwerplatforme Wolt iwwer 160 Livreuren hir Aarbecht néiergeluecht hunn. D'Plattform hat decidéiert hire Loun zolidd ze reduzéieren. Wolt ass eng vun de gréissten zu Lëtzebuerg vertruedene Liwwerplateformen fir Iessplaten auszeliwweren. Dobäi gräift se op vulnerabel Mënschen zréck, déi ouni Aarbechtskontrakt, ouni Ofsécherung bei Krankheet oder Accident, fir meeschtens e ganz klenge Loun exploitéiert ginn.

Säit Jore gëtt doriwwer diskutéiert dëse Secteur ze reguléieren an dofir ze suergen, dass dës Livreuren wéi Salariéën gewäert ginn an domat och de Schutz an d'Rechter vum Salarié kréien.

Eis Regierung steet awer hei op der Brems a wëll de sougenannte level playing field erhalen, spréch, se wëll dësen ausbeuteresche Secteur an hir Profiteure schützen an och nach belounen a fërderen.

Als déi Lénk hu mir eng Gesetzespropose an der Chamber deposéiert, déi d'Livreuren, ob bei Wolt, Wedely oder Uber Eats an den allermeeschte Fäll de Wee zum Statut vum Salarié géif opmaachen. Eise Virschlag deckt sech dobäi mat de Fuerderungen déi och d'Chambre des Salariés an d'Gewerkschafte gemaach hunn.

Am Kontext vun dësem Boykott bei Wolt ass ze soen, dass eise Gesetzesvirschlag kollektiv Rechter vun de Livreure géif schafen an déi national repräsentativ Gewerkschaften als legitim Vertrieder vun den Aarbechter an Aarbechterinne vun de Plateforme géif unerkennen, fir besonnesch an de ganz komplexe Froe wéi d'Gestioun iwwer Algorithmen aktiv ze ginn.

Wann dëse Boykott bei Wolt eppes weist, dann ass et dass et héich Zäit gëtt, dass endlech e gesetzleche Schutz fir dës Aarbechter an Aarbechterinne kënnt a Schluss ass mat hirer Ausbeutung!

**Boycott chez Wolt :**

## il nous faut enfin une loi pour les plateformes de livraison !

Cet après-midi, on a appris que chez la plateforme de livraison Wolt, quelque 160 livreur.euse.s ont cessé le travail. La plateforme avait décidé de réduire la rémunération des livreur.euse.s. Wolt est l'une des plus grandes plateformes de livraison de repas présentes au Luxembourg. Pour ce faire, elle a recours à des personnes vulnérables qui, sans contrat de travail, sans protection en cas de maladie ou d'accident, sont exploitées le plus souvent pour un salaire dérisoire.

Depuis des années, on débat de la nécessité de réguler ce secteur et de faire en sorte que ces livreur.euse.s soient considérés comme des salarié.e.s et bénéficient ainsi de la protection et des droits attachés au statut de salarié.e.

Or, notre gouvernement freine des quatre fers et entend préserver le soi-disant *level playing field* : autrement dit, il veut protéger ce secteur fondé sur l'exploitation ainsi que ses profiteurs, et même les récompenser et les encourager.

En tant que déi Lénk, nous avons déposé une proposition de loi à la Chambre qui ouvrirait aux livreur.euse.s — que ce soit chez Wolt, Wedely ou Uber Eats — la voie vers le statut de salarié.e dans la très grande majorité des cas. Notre proposition rejoint en cela les revendications formulées tant par la Chambre des salariés que par les syndicats.

Dans le contexte du boycott le chez Wolt, il convient de souligner que notre proposition de loi créerait des droits collectifs pour les livreur.euse.s et reconnaîtrait les syndicats nationaux représentatifs comme représentants légitimes des travailleurs et travailleuses des plateformes, afin notamment de pouvoir intervenir sur des questions aussi complexes que la gestion algorithmique.

Si ce boycott chez Wolt montre une chose, c'est qu'il est grand temps qu'une protection légale soit enfin instaurée pour ces travailleurs et travailleuses et qu'il soit mis fin à leur exploitation !